



De Lëtzebuerger Militär an Ex-Militär

ORGANE DE L'ASSOCIATION MUTUALISTE GRAND-DUCALE
DES MILITAIRES ET ANCIENS MILITAIRES LUXEMBOURGEOIS

- Société de Secours Mutuels depuis 1893, affiliée à la FNML -
(Fédération Nationale de la Mutualité Luxembourgeoise)

Nr 1. - 2026



Sous le Haut Patronage de
Son Altesse Royale le Grand-Duc



L'AMAM est présente
sur internet:
www.amam.lu

De Lëtzebuerger Militär an Ex-Militär

ORGANE DE L'ASSOCIATION MUTUALISTE
GRAND-DUCALE DES MILITAIRES
ET ANCIENS MILITAIRES LUXEMBOURGEOIS

Inhaltsverzeichnis

Editorial	3
Le Conseil d'Administration	4
L'Assemblée Générale Ordinaire 2026	6
Déjeuner d'ouverture de l'Assemblée	7
A.M.A.M. Décompte trésorerie et Bilan 2025	9
Membres décédés en 2025	12
Nouveaux membres en 2025	13
Eng Analyse zum 4. Joresdag vum Ufank vum Ukrainkrich	15
1946 - Die Heimholung Johann des Blinden	21
Nomination du lieutenant-colonel Claude Robinet en tant que future chef d'état-major de l'Armée luxembourgeoise	29
Portes Ouvertes 70 Joer CMCM	31



ASSEMBLÉE GÉNÉRALE 2026 6



ENG ANALYSE
VUM UKRAIN-KRICH 15



JOHANN DER BLINDE
KOMM HEIM 21



DE NEIE
CHEF D'ÉTAT MAJOR 29

Impressum

Editeur :

Association Mutualiste Grand-Ducale
des Militaires et Anciens Militaires
Luxembourgeois
ISSN : 2418-4160

Rédaction :

Rol GIRRES · e-mail : rolgir@pt.lu
François KOOS · e-mail : kooscap@pt.lu

Impression :

Imprimerie HEINTZ  PRINTED IN
LUXEMBOURG

Régie publicitaire :

PUBLIEST · e-mail : office@publiet.eu

Wat, wannechglift, brauch Europa nach ... ???



Wat, wannechglift, brauch Europa nach? ... wat genee fehlt dësem naïve Kontinent, dësem prekären Interesseverband, nach u Preuven fir endlech ze kapéieren dass vun Osten wéi vu Westen hier permanent a manifest Bestriewungen lafen fir eis (EU) an d'Bedeutungslosegkeet ze schécken ...?!

Dëst ass, eiskal kalkuliert, de gemeinsamen Intérêt vun enger-säits enger richteger Weltmuecht (a fréierem Alliéierten) di aner Säit vum grouse Pull, an anerersäits enger Pseudo-Weltmuecht (Tankstell mat Atombommen) hannert der ukrainescher Grenz. Hire gemeinsame But ass et fir de gréissten europäeschen Projet vum leschte Joërhonnert (EU) a 27 hëlleflos Einzeldeeler ze filetéieren.

Dësen Äifer, initiéiert vun den 2 Haptprotagonisten an deem Bestriewen, dem Här Trump aus Amerika a sengem Lieblingsdiktator dem Här Putin aus Groussrussland, sinn 2 Bridder am Geescht am Kampf ëm Matière Première an Hegemonie (militäresch, wirtschaftlech a kulturell Muecht iwwer Anerer).

A wat ass den europäeschen Reflex dorop: „Nicken an de Bak halen“ a neierdëngs „Nicken a schmeechelen“. Joërelang hu mer dat beim Putin schonns ausprobiert ... d'Resultat ass bekannt! Elo probéiere mir et och beim Trump ... vläit fällt dee jo drop eran... ?!

Mee dee mëcht dat net! Mir verléieren just Zäit, ... déi mir net hun. Mir net, a virun allem d'Ukraine net. All Dag schloen do Bommen,

Granaten a masseweis Rakéiten an Drohnen an, ... an hinnen geet d'Geld aus, de Stroum an d'Hoffnung.

De Putin huet eis kloer an d'äitlech gewarnt: „Wann Europa géint eis kämpfe wëll, mir sinn direkt bereet“. An den Trump huet an engem (wéi ëmmer) abstrusen Interview mam Medieportal „Politico“ erklärt hien géif „haassen“ wat aus London, Paräis a Berlin gi wär, an di europäesch Regierungen géifen „hir Länner zersteieren“. De Putin géif sech iwwert e schwacht Europa freeën, - a mir géifen alles machen fir dass hien dat kritt!

Et ass nach guer net lang hier, do hate mir Angscht mir wäeren Washington egal. Ma wär et nëmmen esou ... ! Dem Trump seng nei national Sëcherheits- a Verteidigungsstrategie weist awer kloer an d'äitlech: et ass keng Gläichgültigkeet, mee eng eiskal Berechnung fir eis op d'Ofstellégleis ze stellen.

D'EU géif d'Oppositoun ënnerdrécken, a mir stëngen virum Ënnergang vun eiser Zivilisatioun. An do fir géif Amerika, sot hien, vun elo un ... an elo kënt et de Widerstand géint den aktuellen Kurs vun Europa ënnerhalb vun den europäeschen Natiounen fördern!

A genee dës Satz weist di ganz hegemonial Amëschung vum Trump. Dës Satz bedait net méi a net manner ewéi dass hien all déi Politiker a Parteien an Zukunft wëllt ënnerstëtzen, déi dat géeeent Europa sollen schwächen an ënnergrüewen, fir iwwert dee Wee déi Regierungen ze bekämpfen déi di amerikanesch Ob-

jectiver net bedingungslos ënnerstëtzen ...! Washington kennt sech jo och aus mat „regime changes“ aller Art: Nicaragua, Haiti, Vietnam, Irak, Venezuela, Iran ... elo also och Dänemark, Frankräich, Däitschland, ... vläit och nach Lëtzebuerg...???

Unanime si sech all europäesch Politikwëssenschaftler eenz, dass Europa onbedéngt u senger gemeinsamer geopolitescher Handlungsfähigkeet a Sëcherheet muss schaffen, fir en eescht ze huelenden Konkurrent an handlungsfähigen Akteur op internationalem Niveau ze ginn. Den däitschen Herfried Münkler warnt zousätzlech dass mir eis, bei weiderem „schmeechelen a kuschen“ virum Trump, just lächerlech machen. An Europa bräicht dringend eng stark militäresch Dimensioun mat enger gemeinsamer nuklearer Ofschreckung an engem gemeinsamen „europäeschen Etat-Major“!

Mee wann ech d'Resultater vum leschten EU-Sommet de 17. an 18. Februar zu Bréissel kucken, da si mir gradesou wäit vun engem gemeinsamen Etat-Major ewech, wéi vun engem gemeinsamen Selbstbewusstsein a Courage! Sie konnte sech net emol dorops eenegen, fir di agefruewen russesch 200 Milliarden Euro fir d'Verdeedegung an den Neesopbau vun där bombardéierter a geschnonener Ukraine zur Verfügung ze stellen.

Sou traureg ass se, di europäesch Realpolitik 2026 ...!

Russland verschëllt alldeegelecht Leed an Zerstiërung mat zech Doudegen a nach méi Verletzten, a Bréissel sicht no engem „rechtssëcheren Wee“ fir

un dem Putin seng agefrueere Konten ze kommen fir esou laut dem „Verschulderprinzip“ der Ukraine hirt Iwwerliewen ze garantéieren, ouni dass direkt den europäeschen Steuerzueler dofir hierhale muss ...!?!? ... blamabel!

Wat, wannechglift brauche mir nach fir et endlech ze bekäppen ...??

Wini liicht eis endlech an dass en „Zespéitkommen“ vun der Unioun dramatesch Konsequenzen fir d’Zukunft vun eisem Kontinent wäert hun ...??

Wini fänke mer un a Kategorien vu Muecht an Interessen ze denken an ze handeln, aplatzt just a Kategorien vun Normen, Regeln a „safety first“...??

Wini fänke mer un d’Saboteuren un an aus Europa an d’Wüst ze sché-

cken, a mat enger weiderer „Koalition“ vun de Wëllegen“ Neel mat Käpp ze machen, an dësem Kontinent déi néideg Zukunftsperspektiven ze ginn ...??

Onweigerlech fällt mir do dee schéine Sproch an: „Et gëtt vill ze dinn ... fänkt schonns emol un“.

Léif Memberen a Frënn
vun der AMAM.

De 19. Abrël ass eis AG. Ech géif mech iwwert är Presenz freeën, duerch déi dir är Verbonnenheet an Zougehéierechkeet mat onsem Veräin géift ënnersträichen, an eis Identifikatioun als Mammeveräin vu alle lëtzebuerger Militär an Ex-Militär géift stärken.

En plus wär et och e klore Message vun Sympathie, Unerkennung a

Respekt vis-à-vis vun onsem Héige Protector, dem Grand-Duc Guillaume, dee net gezéckt huet fir dës nobel Tâche vu sengem Papp d’lescht Joër no dem Trounwiessel ze iwwerhuelen.

Vive de Grand-Duc,
Vive Lëtzebuerg,
Vive d’AMAM.

Rol GIRRES

Adjudant-Major Hon.
Präsident

Composition du Conseil d’Administration

Président:	Rol GIRRES	Tél.: 621 196 781	rolgir@pt.lu
Présidents d’honneur:	René ALZIN		
	Camille BICHLER		
Vice-Président:	François KOOS	Tél.: 621 365 001	kooscap@pt.lu
Vice-Présidents d’honneur:	Paul HERMES		
Secrétaire:	Romain HILGER	Tél.: 621 139 181	romain.hilger@pt.lu
Trésorier:	Romain BONNE	Tél.: 621 630 600	tresorerie.amam.01-luxembourg@outlook.com
Porte-drapeau:	Henri OE	Tél.: 621 164 928	
Porte d’drapeau d’honneur:	Jean-Pierre JANS		
Membre associé:	Mike THEISEN	Tél.: 621 505 160	mike.theisen@do.etat.lu
Membre associé:	Guy THILLMANY	Tél.: 621 199 321	thillman@pt.lu
Membre associé:	Marcel BLUM	Tél.: 691 553 813	marcel.blum@pt.lu
Membre associé:	Alain SCHREINER	Tél.: 621 139 252	dodo@pt.lu

THALES

Building a future we can all trust



L'Association Mutualiste Grand-Ducale des Militaires et Anciens Militaires
Luxembourgeois prie ses membres d'assister à

L'ASSEMBLÉE GÉNÉRALE ORDINAIRE 2026

qui aura lieu au restaurant

Bistro « An Henkes » 1, rue de Luxembourg, L-5314 CONTERN

dimanche, le 19 avril 2026 à partir de 11.30 heures

ORDRE DU JOUR

- 1. 11.30 heures: Réception, apéro et repas en commun.
Le menu figure sur la page suivante*
- 2. Ouverture de l'Assemblée Générale Ordinaire*
- 3. Rapport du Secrétaire*
- 4. Rapport du Trésorier*
- 5. Décharge à donner aux membres du comité*
- 6. Remise des médailles de mérites de l'Association*
- 7. Admission de nouveaux membres*
- 8. Élection du CA de l'Association: Les mandats de M. HILGER Romain et
KOOS François viennent à expiration. Ils sont rééligibles*
- 9. Divers*
- 10. Clôture de l'Assemblée Générale Ordinaire par le Président*

4 places sont actuellement vacantes au sein du Conseil d'Administration.

Uniquement les membres effectifs peuvent poser leur candidature.

**Les candidatures pour l'obtention d'un mandat au sein du Conseil d'Administration
de l'AMAM sont à adresser par écrit au plus tard pour
le 13 avril 2026 au Président de l'Association à l'adresse suivante :**

Monsieur Roland GIRRES · 32a, rue Méckenheck · L-3321 Berchem

En espérant pouvoir vous saluer parmi nous, nous vous prions d'accepter chers membres l'expression de
nos sentiments les meilleurs.

Le Conseil d'Administration

LES AMUSE-BOUCHE MAISON

* * *

AU BUFFET ENTRÉE

Gromperekichelcher (galettes de pommes de terre), Feiersténgszalot (salade de viande de boeuf)
Réih a gekachten Ham (jambon cru et cuit), Pâté (terrinerie campagnarde)
Zalot a Cruditéiten (salade et crudités)

* * *

AU BUFFET CHAUD

Kniddelen mat Speck an der Rahmzoos (quenelles de farine, lardons, crème)
Wäinzoossiss mat Moschterzoos (saucisse au vin, sauce moutarde)
Judd mat Gaardebounen (collet de porc fumé aux fèves), Träipen (boudin noir)
Gebootschte Gromperen (pommes sautées aux lardons), Appelkompott (compote de pommes)
Roude Kabes (choux rouge)

* * *

AU BUFFET DES DESSERTS

Tiramisu, Fromage blanc et son coulis, Brownies

**Prix du déjeuner avec Apéro: 45 € par personne
pour tous les participants qui assisteront au déjeuner de l'Assemblée Générale**

Les noms des participants sont impérativement à indiquer sur le versement.

CCPLLULL IBAN: LU59 1111 0026 7556 0000.

Le conseil d'Administration

AMAM-PROCURATION

Je soussigné(e):

Nom et Prénom(s): _____

Date et lieu de naissance: _____

Adresse: _____

agissant en tant que mandant, donne procuration à: _____

Pour me représenter à l'occasion de l'Assemblée Générale Ordinaire du **19 avril 2026**.

ATTENTION: Seuls les membres effectifs disposent du droit de vote et peuvent se faire représenter moyennant procuration. Cependant, chaque membre effectif ne peut représenter que deux autres membres effectifs au maximum.
(Article 21, paragraphe 2 de nos statuts)

Signature et date du/de la mandant(e)



Bureau Moderne Group

OFFICE

HOME

FACTORY



18, route de Capellen
L-8279 Holzem

+352 26 37 50 60

+352 26 37 50 31

info@luxdeftec.eu




À VENDRE

PORTE DES
ARDENNES

ERPELDANGE-SUR-SÛRE

CLÉS EN MAIN | DISPONIBLE DE SUITE

Appartement duplex ± 118 m² | terrasse ± 90 m²
3 chambres à coucher | 2 parkings & cave inclus



KUHN.LU

@Kuhn @f @in @o

VENTE DIRECTE PAR LE CONSTRUCTEUR



43 96 13 - 42

immobilier@kuhn.lu



AMAM - 2025

Comptes annuels

Dossier N° Page N° : AMAM 1	Valeurs EUR :	
Position	2025	2024
D. Actif circulant	320.574,56	307.583,36
II. Créances	4.657,46	4.801,86
1. Créances résultant de ventes et prestations de services	3.160,00	2.196,00
a) dont la durée résiduelle est inférieure ou égale à un an	3.160,00	2.196,00
40110000 Membres	3.160,00	2.196,00
4. Autres créances	1.497,46	2.605,86
a) dont la durée résiduelle est inférieure ou égale à un an	1.497,46	2.605,86
42188001 Intérêts courus non échus	1.497,46	2.605,86
IV. Avoirs en banques, avoirs en compte de chèques postaux , chèques et encaisse	315.917,10	302.781,50
51310001 LU59 1111 0026 7556 0000	55.221,67	47.921,86
51310002 LU85 0019 5655 4855 7000	47.921,42	47.941,42
51310003 BCEE DEPT TERME LU84 0019 1713 1564 8000	212.774,01	206.918,22
TOTAL DU BILAN (ACTIF)	320.574,56	307.583,36

Dossier N° Page N° : AMAM 2	Valeurs EUR	
Position	2025	2024
A. Capitaux propres	319.515,56	307.583,36
I. Capital souscrit	307.583,36	294.061,30
10100000 Patrimoine	307.583,36	294.061,30
VI. Résultat de l'exercice	11.932,20	13.522,06
C. Dettes	1.059,00	-
4. Dettes sur achats et prestations de services	1.059,00	-
a) dont la durée résiduelle est inférieure ou égale à un an	1.059,00	-
40150000 Clients créditeurs	1.059,00	-
TOTAL DU BILAN (CAPITAUX PROPRES ET PASSIF)	320.574,56	307.583,36

Dossier N° Page N° : AMAM 4	Valeurs EUR :	
Position	2025	2024
HORS BILAN	-	-

Tableau des comptes (2025 / 2024)

Intitulé	2025	2024
4. Autres produits d'exploitation	41.126,03	42.299,49
Cotisations	28.814,00	30.754,00
Dons	458,00	3.110,75
Subsides - trésorerie État	2.900,00	0,00
Rétrocession FNML	7.005,03	6.021,74
Caisse d'Organisation AMAM	1.350,00	1.763,00
Shop AMAM	199,00	161,00
Erreurs de virement membres AMAM	400,00	489,00
5. Matières premières et consommables et autres charges externes	(12.115,58)	(8.701,08)
Autres charges externes	(12.115,58)	(8.701,08)
Constructions / Bâtiments	(624,72)	(624,72)
Services informatiques	(28,00)	0,00
Frais cpts, comm. banc., drts garde/ tit.	(62,00)	(44,00)
Honoraires compta., fisc., audit et assim.	(523,22)	(509,89)
Constructions / Bâtiments	(46,87)	(45,60)
Catalogues et imprimés et publications	0,00	(1.340,80)
Dons courants	(2.100,00)	(700,00)
Direction (le cas éch. exploit. et assoc.)	0,00	(238,00)
Réceptions et frais de représentation	(1.350,00)	(1.217,40)
Frais de l'A.G.	(2.508,80)	(2.614,80)
Frais postaux	(707,61)	(226,63)
Fournitures administratives et de bureau	(2.201,96)	(863,84)
Petit équipement	(26,99)	0,00
Autres	(1.456,65)	0,00
Cotisations annuelle FNML	(272,34)	(275,40)
Autres charges externes diverses	(206,42)	0,00
8. Autres charges d'exploitation	(21.825,64)	(26.022,57)
Licences informatiques	(1.511,64)	(960,57)
Primes de naissances	(150,00)	(450,00)
Indemnités funéraires	(17.364,00)	(23.712,00)
Jetons de présences	(1.800,00)	(900,00)
Rembours. org. voy.	(1.000,00)	0,00
11. Autres intérêts et autres produits financiers	4.747,39	5.946,22
Intérêts sur comptes bancaires	4.747,39	5.946,22
16. Résultat après impôts sur le résultat	11.932,20	13.522,06
18. Résultat de l'exercice	11.932,20	13.522,06

Comptes de résultat**11.932,20****13.522,06****MULLER & ASSOCIÉS****Fiduciaire**<https://muller.eu.com>L-8030 Strassen
153-155, Rue due Kiem (Entrée A)L-7520 Mersch
29, Avenue Grande-Duchesse Charlotte



Our vision: Leader in Sustainability

Read more about our
sustainability approach



CERATIZIT is a high-technology engineering
group specialised in cutting tools and hard
material solutions.

Tooling a Sustainable Future

ceratizit.com




**Stiftung
HÄLLEF
DOHEEM**
#aguddenhänn

**Parce qu'avec nous,
vous êtes entre de bonnes mains !**

Une équipe humaine
et compétente à vos
côtés 24/7 - partout à
Luxembourg - depuis
plus de 25 ans.

Besoin d'aide à domicile ?
Contactez-nous !

40 20 80
info@shd.lu
www.shd.lu



 Aide et soins à domicile,
adaptés pour tous les âges
 Soins infirmiers spécialisés
 Centres de jour accueillants
pour personnes âgées
 Téléalarme certifié ISO 9001
 Soutien aux aidants
 Prestations pour le confort
du quotidien

BESTCHARGE

powered by PETRO-CENTER

**Réseau hypercharge
N°1 au Luxembourg !**

**Votre partenaire en
mobilité électrique !**

- Jusqu'à 400KW DC
- paiement direct via l'application
pour particuliers et professionnels



fast charging system
for electric vehicles

**Carte BESTCHARGE et application avec accès à
plus de 900.000 points de recharge
au Luxembourg et en Europe**

**Réseau propre BESTCHARGE avec
500 points de recharge d'ici fin 2026**

PETRO-CENTER SA | 2, rue Jean Fischbach | L-3372 Leudelange
Tel : +352 26 37 27 -1 | Fax : +352 26 37 27 900 | petro-center.lu



33 membres décédés en 2025

► Monsieur	Pierre	BACK
► Madame	Marie-Josée	BETZ-JANS
► Monsieur	Lucien	BILDGEN
► Madame	Patricia	BINGEN-FISCHBACK
► Monsieur	Marco	BRAUSCH
► Monsieur	Jean	CLEMENT
► Madame	Jacqueline	DALEIDEN-RUPPERT
► Madame	Anne	DONDELINGER-KLEPPER
► Madame	Marie-Marguerite	FIORINI-WECKER
► Madame	Marguerite	GREIN-DUI
► Madame	Jacqueline	HARPES-JEANPAUL
► Madame	Jacqueline	HUBERT-KRAU
► Madame	Marie	HUBERTY-BARNICH
► Monsieur	Alain	JACOBY
► Monsieur	Elie	KRYLOFF
► Madame	Catherine	LANGHEGERMANN-LANNERS
► Madame	Anne	MERTENS-KIPS
► Monsieur	Anny	MILMEISTER-KLEIN
► Monsieur	Henri	MULLER
► Madame	Gaby	RACH-GINDORFF
► Madame	Denise	REDING-HOFFMANN
► Madame	Carmen	RICHARD-LAURENCIN
► Monsieur	Mathias	SCHILTZ
► Madame	Henriette	SCHROEDER-GOEDERT
► Madame	Tania	STEIREIF
► Monsieur	Roger	THEIN
► Madame	Marie-Gabrielle	THEISEN-GUDENDORFF
► Madame	Marthe	THILGEN-REULAND
► Madame	Arlette	WEIS-ROEMER
► Monsieur	Joseph	WEITEN
► Monsieur	René	WESTER
► Monsieur	Michel	WILHELM
► Madame	Elfriede	ZIMMER-STEFFENS



24 nouveaux membres en 2025

► Monsieur	Johny	AFONSO LINHARES	effectif
► Monsieur	Fernando	ALMEIRA DUARTE	honoraire
► Madame	Brigitte	ANTONY	honoraire
► Madame	Chantale	BOSSELER	honoraire
► Monsieur	Tom	BRAQUET	affilié
► Madame	Josée	FEIEREISEN	affiliée
► Monsieur	Joe	FUNK	effectif
► Monsieur	Patrick	HOFFMANN	affilié
► Madame	Evelyne	KINNEN	honoraire
► Monsieur	Victor	KLEES	affilié
► Monsieur	Patrick	KONSBRUCK	affilié
► Monsieur	Guy	LAROCHE	effectif
► Monsieur	Guy	MODERT	honoraire
► Madame	Daniela Claudia	MODERT - PASCU	honoraire
► Monsieur	Kay	OBERLE	effectif
► Monsieur	Pascal	RAMBAUD	honoraire
► Madame	Christiane	RAUS	honoraire
► Madame	Jeanne	REICHLING	honoraire
► Monsieur	Luca	SASSEL	honoraire
► Madame	Marie-Thérèse	SCHAUS	honoraire
► Monsieur	Christian	SCHLECK	affilié
► Monsieur	Pierre	STAMMET	affilié
► Monsieur	André	VILEDIA DE ALMEIDA	honoraire
► Monsieur	Gerard	ZANARDI	honoraire

NOUVEAU TITULAIRE
depuis le 4 septembre 2023

PHARMACIE
ST-LAURENT



11, Grand-Rue · L-9240 DIEKIRCH

☎ 80 35 65-1

L'Association Grand-Ducale
des Militaires et anciens
Militaires Luxembourgeois

tient à remercier tous les annonceurs
pour leur soutien apporté lors
de cette édition de son bulletin.

INDUSTEAM

G R O U P

GROUPE D'INGÉNIERIE INDUSTRIELLE

SPÉCIALISÉ DANS L'ÉTUDE, LA FABRICATION, L'INSTALLATION ET LA MAINTENANCE
D'ÉQUIPEMENTS INDUSTRIELS - TUYAUTERIE INDUSTRIELLE - TRANSFERT D'ÉQUIPEMENTS

PLUS LOIN ENSEMBLE

ACTEUR RECONNU DANS LES PROJETS DE TRANSITION ÉNERGÉTIQUE



Centrale thermique du Gol – Ile de la Réunion



INDUSTEAM SA • Immeuble BLACKSTONE
202, Z.A.E. Wolser A - L-3225 BETTEMBOURG • +352 26 38 39 33

EFFORT ▲ PARTAGE ▲ RESPECT

www.industeam.net



sur présentation
du magazine
un apéritif
vous sera offert

9, Place d'Armes
L-1136 Luxembourg-Ville

Tél.: +352 26 10 38 83

Fax: +352 26 47 88 97

B medical
systems

Systèmes de Transport

Destinés au transport sécurisé, fiable et efficient du sang et des composants sanguins dans des environnements opérationnels difficiles, tels que les opérations militaires sur le terrain ou les interventions d'urgence à grande échelle.

6
MODÈLES



Résistant
aux chocs



Garantie à vie
anti-corrosion



Antivol

B Medical Systems S.à r.l.
17, op der Hei, L-9809 Hosingen, Luxembourg

+352 92 07 31-1
info@bmedicalsyste.ms.com
www.bmedicalsyste.ms.com



Scanner et en
savoir plus:



Eng Analyse zum 4. Joresdag vum Ufank vum Ukrainkrich

Dësen Artikel gouf Enn Februar 2026 verfaasst.

Och wann et de Russen nach sporadesch geléngt, iwwer déi méi wéi 1.200 km laang Frontlinn e puer Quadrat-kilometer ukraineschen Territoire pro Mount ënner schwéierste Verloschter anzehuelen, kann een no véier Joer „Spezialoperatioun“ eendeiteg behaupten, datt de Putin de Krich strategesch scho verluer huet, an dat gëllt esouguer dann, wann een davon ausgeet, datt d'Ukrain iergendwann den Donbass misst raumen.

D'Fro, déi iwwert gewonnen oder verléiere vum Krich entscheet, ass déi heiten:

Steet Russland no 4 Joer Krich an der Ukrain haut besser do wéi virun, oder och nach anescht formuliert: huet Russland seng strategesch Objektiver zu verrietbare Käschten erreecht, déi laut dem Putin jo waren:

- D'Ukrain ze besetzen, se politesch ze kontrolléieren an d'ukrainesch Arméi z'entwaffnen;
- D'NATO zeréckzedrängen an d'Ofschreckung viru Russland nees hierzustellen;
- De russesche Status als „Groussmuecht“ nees erëm hier ze stellen.

D'Äntwert dorop, mengen ech, kloer an däitlech: NEE!

Trotz deene schonns ugeschwaten minimalen Terrain-gewënner verléiert Russland de Krich. Net weinst de begrenzten aktuellen ukraineschen Erfolgeger, mee weinst de sichtbaren an noweisbaren russeschen Messerfolgeger!



Aktuel Situatioun an der Ukrain no 4 Joer Krich
(Infografik, „The Financial Time“)

D'Argumentatioun vun dëser Thees

Virun iwwer 4 Joer ass di russesch Invasioun direkt op e puer Achsen erfollegt. Deemools hu ganz vill guttvernetzt an informéiert Analysten a Spezialiste virausgesot datt d'Ukrain sech net laang der ekraanter russescher Iwwermuecht kënn erwieren.

Haut, iwwer 4 Joer no der Attack, an no 3 strategesch-operativen Defaiten vun de Russen, kontrolléieren si manner ukraineschen Territoire wéi am März 2022, also 1 Mount no der Invasioun. D'lescht Joer huet Russland, bei enger Perte vun ëm di 300.000 Mann, grad emol 0,6 Prozent vum ukraineschen Territoire dozou eruewert. Duerchschnëttlech verléieren si ëm di

1000 Mann den Dag ... dat ass méi wi eng komplett „Lëtzeburger Arméi“!

Och um politesche Plang gesäit et fir Moskau an der Tëschenzäit net roseg aus:

- Trotz der russescher Ënnerstëtzung an der systematescher Zerstiierung vu syresche Stied an Dierfer, sëtzt de syreschen Ex-President a Krichsverbrieche Bashar-al-Assad haut zu Moskau, an zielt d'Mécken ... D'Russen hunn hir 2 strategesch äusserst wichteg Basen am Mëttelmier verluer, an di nei syresch Regierung sicht no gudde Bezéiungen mam Donald T.
- Am Iran gouf et trotz enger Allianz mat Russland am Juni 2025 eng massiv amerikanesch/israelesch Loftkampagne, ouni datt d'Russen hirem Alliéierten dobäi iergend ee Support hätte kënnen ginn. An elo gëtt et eng weider batter Lektoun fir Mullah'en déi warscheinlech d'Enn vum reliésem Regime bedeit, an och dës Kéier muss Moskau ohnmächtig nokucke wéi säin Alliéierten a Waffeliwwerant ënnergeet.
- Am Venezuela huet d'US Army de Maduro gekidnappert a Russland, dem Venezuela säin Alliéierten, blouf just dobäi eng Zuschauerroll, genee sou wéi bei der Zukunftsgestaltung vu Venezuela.
- Dat selwecht Schicksal erwaart Cuba, an och hei ass de russeschen Afloss op d'Evolutioun vun der Situatioun gläich Null.
- An Afrika hu sech direkt eng hallef Dose Militär-junta'en an aner Despoten en neie Partner gesicht, well vu Russland keng Hëllef méi ze erwaarden ass.

De russeschen Afloss ass also ronderëm de Globus moosbar erof gaang, an d'Muechtgläichgewicht mat China ass komplett gekippt, sou datt dem Putin do nach just d'Roll vum Junior-Partner bleift, deenen net méi vill ze kamellen huet.

Mee dofir ass de Putin jo elo dem Kim Yong Un säi beschte Kolleg, Brudder am Geescht, a Vollkasko-Versécherung. Déi passe jo och richteg gutt zesummen. Wat fir e strategesche Succès ..! Zweek gréissegewanneg a mënscheveruechtend Gulag-Fans, Mäerder an Tyrannen déi, fir hier Muechtbasis ofzesécheren, hier Bevëlkerunge kujenéieren, maltraitéieren a bei Bedarf exekutéieren.

Wéi et um militäreschem Plang ausgesäit

Och 4 Joer no der Invasioun huet Russland net een eenzegt vu sengen Zieler erreecht, ofgesinn emol deene knapp 20 % Territorialgewënner, di meescht nach aus der Ufanksphase vun der Invasioun stamen.

Dofir hu bis elo 1,2 Milliounen Russen, entweder mat hirem Liewen bezuelt (350.000) oder hir Gesondheet ruiniert (900.000), vum Putin ouni Gewëssen an ouni dee geréngsten „etat d'âme“ am Fleeschwollef Ukrain „verheitzt“.

En Desaster op der materieller Säit fir d'Russen

Di riseg Depot'en, zum groussen Deel nach aus der Sowjet-Zäit, si quasi all eidel. 35.000 Panzer a gepanzert Gefierer, 37.000 Artillerie-Piëcen (Kanounen, Selbstfuerlafetten an Rakéitewerfer) leien als Schrottkéip uechtert d'Ukrain.



Russesch materiell a personnell Verloschter am Ukrain-Krich zënter dem 24. Februar 2022

Iwwer 400 Fliger an 350 Helikopter huet d'ukrainesch Loftofwier vum Himmel gebotzt, oder goufe bei ukraineschen „Husarestäcker“ an d'Lut gesprengt ... mir erënneren eis (nëmmen ze gär) un d'Operatioun „Spider Web“ wou d'Ukrain dausende vu Kilometer vun doheem ewech, onersetzbar (well net méi produzéiert) schwéier russesch Bomber mat Kamikazedronen eliminéiert huet..!

An di houfreg Schwarzmeerflott déi op der Krim stationéiert war, huet sech aus dem Stëps gemaach a verstoppt sech am russeschen Novorossijsk, nodeems 29 vun hire Schëffer vun der Ukrain op Grond gesat goufen, ... an dat Ganzt ouni eng eege Flott ze hunn.

D'Resultat vun deem massivem Materialverloscht

Fir eng weider militäresch Aventure géint d'NATO hätten d'Russen de Moment absolut keng Reserve méi, och emol näischt méi wat een nach kënnt „upgraden“, oder nëmmen „instand“ setzen.



Zerstéiert russesch Panzerkolonn bei Bucha, Februar 2022 (www.aencia.nova.it)

En Dilemma fir d'Russen

Dëse Krich, deen a Russland ënnert Undrohung vu Repressalien nach ëmmer nëmmen „Spezialoperatioun“ heescht, dauert elo schonns méi laang wéi hire „grousse vaterländesche Krich“ tëschent Juni 1941 an Mee 1945.



Virum 24. Februar 2022, also der russescher Invasioun vun der Ukrain, hat Russland bei wäitem di gréissten a stäerksten Arméi an Europa. An der Tëschenzäit huet, opgrond vun der offensichtlecher russescher Gefor, an den europäeschen NATO-Staaten eng massiv Oprëschtung ugefaang, déi et an e puer Joer erméigleche wäert, d'Russen esouguer ouni amerikanesch Hëllef um Buedem ze stoppen.

Anere wichtige Punkt am russeschem strategeschen Desaster: d'Anriede vu Schweden a Finnland an d'NATO. Doduerch huet sech di russesch Grenz mat der NATO elo op méi wéi 2.500 km verduebelt (Finnland). Am Fall vun enger Mobilisatioun kann d'NATO doduerch op weider 350.000 beschstens trainéiert an equipéiert schwedesch a finnesch Zaldoten zielen, mat potentiell weideren 100.000en vu grade-sou gutt trainéierten an equipéierte Réservisten.

Wirtschaftlech Suite fir Moskau

Di reng wirtschaftlech Suiten si fir Moskau net manner dramatesch, och wann e beléifte Sprooch vun de „Putinisten“ ass: Russland géif et trotz 19 Sanktiounspäck wirtschaftlech nach ëmmer gutt goen. Hei e puer Argumenter déi dëst Narrativ ad absurdum féieren:

- De gesamten europäeschen Ofsazmaart fir de russeschen Ueleg a Gas ass quasi d'Baach an, wouduerch d'Pipelines déi eis an dem Putin seng Ofhängegkeet gedriwwen haten, elo wäertlos sinn, ob dat der Putin-Marionett Orban gefält oder net!
- China diktéiert dem Putin seng Gas- an Uelegpräisser, a well no dem indische Réckzuch aus dem Gas- an Ueleg-Deal mam Putin soss kee grouss Client méi bleift, muss de Kreml-Fürst wäit ënnert dem Maartpräis un de Xi liwweren. Also am Fong en defizitär Geschäft ... a genee dofir sinn entretemps d'Uelegproduzenten Rosneft, Lukoil & Co esou gutt wéi Faillite, a mat hinne gläichzäiteg di russesch Banken, déi op masseweis faule Kreditter setzen
- (A mengem nächsten Editorial ginn ech heirop méi genee an...)
- Dobäi kënn nach de Fakt, dass ee net einfach am Ural den Uelegkrunn kann zoudréien a nees opdréie wa nees Ueleg gebraucht gëtt. Well di Förderanlagen nach all aus der Sowjet-Zäit stamen, also ale Krëppeng, muss de Krunn opbleiwen an d'Förderung weiderlafen, och wa keng Client'en méi do sinn déi him den Ueleg ofkafen.
- Lo frot der iech sécher, ... „ma wat mécht en dann domat??? ... Ma, e fëllt en an d'Schrottschëffer vu senger „Schattenflotte“. An déi dëmpelen elo iwwert d'Weltmierer a waarden drop, dass se iergendwou op Séi ëmgeluede ginn, oder se d'Autorisatioun kréien fir an engem Hafen ofzelueden. Mee well dës Schëffer entretemps (endlech) op enger EU an US Sanktiounslescht stinn, wäert dësen Uelegschmuggler an Zukunft d'Handwierk geluecht ginn ... mat Milliardenverloschter pro Mount fir de Putin.



Abordage vun engem russeschen Tanker aus der sougenannter „Schattenflotte“ duerch eng schwedesch Spezialunitéit.

- E weidere Problem fir hien ass, dass him lues awer sécher d'Aarbechter an de russesche Fabriken ausginn, bedéngt duerch iwwer eng Millioun Frontausfäll, sou wéi di andauernd Rekrutéierungen vun zehausende russesche Männer fir d'Lächer a senger „Z-Sturmtruppen“ ze fëllen. Dobäi kënn e weidert Lach vun op d'mannst 1 Millioun gutt ausgebildete Russen déi an d'Ausland geflücht sinn an doudsécher net erëmmen bis de Putin a seng Mafia-Clique d'Blat gebotzt oder de Löffel ofginn hunn.
- De ganzen ökonomeschen „Schwanengesang“ vun der russescher Wirtschaft gëtt elo och nach zousätzlech verschlëmmt a beschleunegt duerch di permanent ukrainesch Attacken op dem Putin seng Infrastrukturen (Ueleg-Terminals an Depot'en, Fabriken vun der Rüstungsindustrie, Eisebunns- a Pipelinesverdeelpunkten ... etc), déi zum Deel wäit iwwer 1000 km hannert der Front leien, dëst duerch wäitreechend Dronen a neierdänsch duerch d'Flamingo Cruise-Missiles mat enger Reechwäit vun 3000 km! Domat fält dann och definitiv de russeschen Avantage vun der „strategescher Déift“ par Rapport zur Ukrain ewech. Di „nei“ russesch Front reecht elo bis un den Ural.

D'Bank vu Finnland schätzt di russesch Krichskäschen zënter 2022 op 280 Milliarden Euro. Dat sinn 280 Milliarden Euro Opportunitéitskäschen, „verpolfert“ an der Ukrain, a verluer fir e sënnavollt Investissement an der russescher Infrastruktur (Stroossen, Brécken, Kliniken, Schoulen ... etc).



Säit August 2025 an der Ukrain produzéierten FP-5 „Fleming“ Marschflugkörper mat bis zu 3.000 km Reechwäit an engem Gefechtskapp vun 1,5 Tonnen (Splittergefechtskapp). Vun enger Camionsramp aus mat engem Booster gestart, iwwerhëlt duerno e Fliegermotor de Flug bis un d'Ziel mat enger maximaler Vitesse vun 950 km/h.

Wéi héich d'Invaliditéitskäschten an d'Rente fir di russesch Veteranen a Krichsversehrter wäert ginn, bleift nach ofzawaarden, well déi, all weideren Dag wou de Putin op seng Maximalforderunge pocht fir en Enn vum Krich ze akzeptéieren, nach vergréissert ginn. Och wäerten des Invaliden, grad wéi di bis elo 350.000 „russesch Helden“ déi d'Penseen vun enne kucken dierfen, ni méi Steiere bezuelen. Vun de Laangzäitkäschten vu Stress, Abrutissement (Verrohung) Brutalitéit an d'Ofrutschen an d'Kriminalitéit vu wäit iwwert enger Millioun traumatiséierte russeschen Zaldote mol guer net ze schwätzen.

Di aktuell russesch Wirtschaft ass eng reng „Krichswirtschaft“ déi absolut keng Produktivitéit fir d'Land bedeit. A wann de Krich dann iergendwann endegt, wäert et en enorm wirtschaftleche Schock ginn, wa nees alles muss op zivil Produktioun ëmgestalt ginn.

D'Situatioun an a mat der Ukrain

Esou wéi et momentan ausgesäit, wäert et wuel oder iwwel zum Schluss zu Gebiddsverloschter fir d'Ukrain kommen, ergo zu Gebiddsgewënn fir d'Russen.

Mee d'ukrainesch Arméi ass haut vill méi staark wéi se 2022 war. Si ass krichserfueren a kritt haut modernste Waffen an Equipementer aus dem Westen, zousätzlech zu hirer an der Tëschenzäit eegener Rüstungsindustrie, déi elo nieft der Produktioun vu Cruise-Missiles och um Bau vu Mëttelstreckrakéite schafft, déi weider schwéier Schléi géint d'russesch Infrastruktur bis un den Ural eru wäerten zur Folleg hunn.

Et gëtt och entretemps keen Ukrainer méi, deen nach géif drun zweifelen wien de „wierklechen“ Aggressor ass. Dee fréier dach beträchtliche prorussesche Bevëlkerungsdeel ass bis op e puer Onverbesserlecher zesummegechrumpft, an Ost a West stinn an hirer Feindschaft géint Russland géent beieneen.



An der Ukrain produzéiert „VampireDrohn“, déi op eng Distanz bis zu 20 km, 15 kg Notzlascht kann droen. Gëtt agesat fir russesch Positiounen ze bombardéieren, fir Minnen ze verleeën oder fir logistesche Missiounen vun den eegenen Truppen (Ravitaillement). Vun de Russen „Baba Yaga“ gedeeft (Hex aus dem slaweschen Folklor).

D'Warscheinlechkeet datt et iergendwann nach zu engem prorusseschen „Marionetteregime“ zu Kiew kéim, ass domat quasi ausgeschloss.

